Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 06/12/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Stand Enn November koum et zu Lëtzebuerg zu 15 schwéieren Aggressioune géint Buschaufferen am Land. Eng Attack, iwwert déi RTL bericht huet, ass déi géint ee Buschauffer op enger Linn zu Mont-Staint-Martin, op deen enges Owes geschoss gi war. Ab dem 11 Dezember fueren d'Linnen 703 an 732 Mont-Saint-Martin dofir net méi. Dës Linnen dierfen eréischt erëm befuer ginn, wann fir d'Sécherheet vun de Buschauffere gesuergt ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister schonn een Accord fonnt mat de franséischen Autoritéite fir op dëse Linne fir déi néideg Sécherheet ze suergen?
2. Ginn nach weider Gespréicher mat eise franséische Partner gefouert, och wann d'Arrêten elo gestrach ginn?
3. Wéini denkt de Minister, dass Mont-Saint-Martin erëm befuer ka ginn?
4. Wéi eng Sécherheetsmesurë sinn fir d'Chauffere op dësen Linne virgesinn?
5. Sinn soss nach Linnen oder Arrêten an den leschten 2 Joer wéinst Sécherheetsgrënn gestrach ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten